

Evangelium vum Sonndeg no Epiphanie (Joer B)

Mk 1,7-11

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 7 De Johannes den Deefer ass an der Wüüst opgetratt
an huet verkënnegt:
"No mir kënnt een, dee méi staark ass wéi ech;
ech sinn et net wäert,
mech ze bécken an d'Stréckele vun senge Sandale lasszemaachen.
- 8 Ech hunn iech mat Waasser gedeeft,
hien awer deeft iech mat hellegem Geescht."
- 9 Déi Zäit koum de Jesus vun Nazareth a Galiläa erfort,
an hie gouf vum Johannes am Jordan gedeeft.
- 10 Soubal wéi hien aus dem Waasser eropkomm ass,
huet hie gesinn, wéi den Himmel opgerappt ginn ass
an de Geescht wéi eng Dauf op hien erofkomm ass.
- 11 An eng Stëmm koum aus dem Himmel:
"Du bass mäi Jong, an ech hunn dech gär;
du stees a menger Gonscht!"

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*